PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 12/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Aarbecht weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°339 vum Februar 2019 hat ech opgrond vu Berichter vum Radio 100,7 nogefrot, ob all d'Firmen, bei deenen de Staat méi wéi 25% vum Kapital hält, sech un den Artikel L.426-1 (2) vum Code de travail halen, an ee Vertrieder vun der Personaldelegatioun an hirem Verwaltungsrot hunn. Deemools hat de Minister konforméiert, dass bei 17 vun den 22 betraffene Firmen, kee Vertrieder vum Personal am Verwaltungsrot siegéiere géif.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi ville Firmen hält de Staat aktuell 25 oder méi Prozent vum Kapital? Bei wéi villen dovunner ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot? Bei wéi engen net?

2. Wéi vill Firmen, a wéi eng, hunn zwar e Member vum Personal am Verwaltungsrot, mee sinn net am groussherzoglechen Arrêté vum 11. August 1974 opgelëscht?

3. An der Äntwert op d'Fro 339 heescht et:

   > "Den Aarbechtsministère wäert no der Installatioun vun den neien Personaldelegatiounen e Courrier un déi betraffen Gesellschaften adresséiere fir se op d'Bestëmmunge vun den Artikelen L. 426-1 bis L. 426-4 vum Code du Travail opmierksam ze maachen."

   Sinn d'Ministere bei dëse Firmen intervenéiert, fir esou séier wéi méiglech eng Konformitéit mam Gesetz hierzestellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député